piraten.lu

N°4331
Entrée le 26.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Bei verschiddene private Busfirmen, déi am Optrag vum RGTR fueren, gëtt mengen Informatiounen no op Interimsaarbechter zeréckgegraff.

Dës Aarbechter, déi sech a priori schonn an enger prekärer sozialer Situatioun befannen, kréien d'Liewen duerch d'Interimskontrakter nach méi schwéier gemaach. Grad a Pandemie-Zäiten huet sech gewisen, dass dëse Modell d'Aarbechter net ausräichend viru Krankheet an Aarbechtsverloscht schützt. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2452 haten d'Ministere fir Wirtschaft an Aarbecht erkläert, dass Verännerungen néideg sinn, fir d'Leit aus dëser Prekaritéit eraus ze kréien oder dës op mannst op ee Minimum ze reduzéieren.

Am ëffentlechen Transport stellen sech domat Froen iwwer d'Aarbechtsbedingungen, d'Formatioun an d'Kontroll vum Personal, dat am Alldag Passagéier transportéiert. Dëst ass ëmsou méi relevant, wann dat betraffe Personal och am Schoultransport agesat gëtt, wou d'Sécherheet vu Kanner a Jugendlechen am Mëttelpunkt steet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Interimsaarbechter fueren aktuell fir Busfirmen am RGTR?
   Kann d'Regierung dës Zuelen no Busfirma opléschten?

2. Wéi vill Interimsaarbechter fueren aktuell fir de Schoultransport am RGTR?
   Kann d'Regierung dës Zuelen no Busfirma opléschten?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi eng Ufuerderunge gëlle fir d'Personal vun de privaten Entreprisen, déi fir den RGTR an de Schoultransport fueren, notamment a Bezuch op Führerschäin, Formatioun, Aarbechtszäiten, Sproochkenntnisser a Kontroll vum Aarbechtsrecht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten